Jonglënster, den 08. Dezember 2025

# 25. Reunioun – Rapport

**02. Dezember 2025 – 19:30 – Centre sportif „Op Fréinen“**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d'Presidence un d'Membere vun der Kommissioun.

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapport vun der 24. Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Debrief Biergeréierung + Avis

- An der leschter Versammlung ass festgehale ginn, dass mir géifen een Avis zum Reglement an zum Event selwer schreiwen. Dofir hu mir eis gemeinsam Gedanke gemaach. Mir halen zwee Deeler am Avis fest, engersäits d’Regelement vun der Biergeréierung an anersäits d’Event selwer.

- Aspekt vum Event
    - D'Biergeréierung, déi rezent ofgehale gouf, war ee flott Event mat enger gudder Iddi hannendrun: Bierger ze éieren, déi eppes Besonnesches, eppes Extras gemaach hunn, dëst a verschiddene Beräicher. D'Organisatioun selwer, déi vun enger Event-Firma iwwerholl gouf, war gutt. D'Präisser an d'Trophéeë ware ganz schéin an d'Iessen, zerwéiert vun engem Restaurateur, war och ganz gutt.
    - De grousse Sall vum Gaston Stein an deem d'Éierung stattfonnt huet, war ze grouss fir d'Unzuel vu Leit, déi um Event waren. Dëst huet der Atmosphär leider geschuet an e bësse vun der Stëmmung geholl. Eng méiglech Ursaach dofir wier, datt quasi nëmmen déi Leit präsent waren, déi och geéiert goufen, an net de eng gréisser Delegatioun vum Veräin.
    - De Problem vun der externer Kommunikatioun huet leider och matgespillt. De Mail deen e puer Deeg virum Event erausgaangen ass, war net kloer genuch, sou datt vill Leit dëst mat der Sportleréierung verwiesselt hunn an dowéinst net op d’Biergeréierung komm sinn obwuel si Zäit gehat hätten.

- Aspekt vum Reglement
    - Et wier wichteg sech fir d'Zukunft ze iwwerleeën, op eng maximal Unzuel vu Leit soll festgeluecht ginn, déi nominéiert kënne ginn. Dëst eventuell pro Kategorie, mee och global gesinn.
    - Des Weidere si mir der Meenung, dass am Reglement vum Mérite sportif, de Punkt vum Mérite en Bronze sollt adaptéiert ginn. Dëse sollt „méi schlank“ gestallt ginn, fir hei déi wierklech extra Opsteiger ze éieren, déi anere sollten ënnert d’Sportleréierung falen.

## 5) Debrief Laserschwert - Atelier

- De rezente Laserschwert-Workshop war en éischten Erfolleg! D'Evenement gouf als ganz flott empfonnt an huet mat enger gudder Dynamik tëscht de Participante stattfonnt.
- Et waren am Ganzen 10 Participanten dobäi, donieft 5 Stéck vum Lightwars-Club. Leider ass opgefall, datt d'Participanten all Leit waren, déi sech och scho mat der Thematik auskannt hu respektiv schonn u sou engem Workshop Deel geholl hunn. Dëst misst ee bei enger méiglecher nächster Editioun änneren.
- Kleng Anekdot: Wéi et däischter gouf, krut d‘Event eng extra Ambiance. D‘Leit déi vum Fussball erof komm sinn, si vu baussen opmierksam ginn an deen een oder anere war ganz iwwerrascht.

- Wat d'Organisatioun ugeet, huet alles gutt geklappt. Souwuel mat der Gemeng, dem Service Communication wéi och mat deenen zwee Partnerveräiner huet alles gutt funktionéiert.

## 6) <u>Kannergemengerot</u>

### 6.1. ALLGEMENG

- Kontext:
  - Ursprénglech war fir dës Legislaturperiod geplangt, nëmmen e Jugendgemengerot an d'Liewen ze ruffen.
  - Et gouf awer decidéiert, de Gremium ze erweideren, an domadder Kanner a jonk Jugendlecher mat anzebannen.

- Zesummenaarbecht an Organisatioun
  - D'Iddi ass, datt de Projet dës Kéier net nëmme vun der Jugendkommissioun duerchgefouert gëtt.
  - De ganze Projet gëtt vum GAPLO koordinéiert an organiséiert. Si sinn d'Experten aus dem non-formale Bildungssekteur an och déi pedagogesch Fachleit mat de partizipativ Approchen, fir dëse Projet erfollegräich ëmzesetzen.
  - D'Jugendkommissioun soll de Projet mat begleeden an d'Verbindung (Bindeglied) tëscht dem neie Kannergemengerot an der Gemeng ginn.

- Akzeptanz an Ënnerstëtzung
  - D'Schoulkommissioun gouf iwwer de Projet vum Kannergemengerot d'lescht Woch informéiert an huet gréng Luucht ginn.
  - Och déi dräi Schoulpresidente vun den dräi jeeweilege Schoulsite, déi am Virfeld vun der Schoulkommissioun informéiert gi sinn, hunn hir Zoustëmmung gi fir d'Walen an de Schoule kënnen ofzehalen a fir de Walkampf vun de Kanner aktiv ze ënnerstëtzen.

- Nächst Schrëtt
  - Déi genee Detailer vum ganze Projet mussen nach an enger sougenannter "Charta" tëscht dem GAPLO an dem Schäfferot festgeluecht ginn.

- Wichteg Iwwerleeungen
  - An der Kommissiounsversammlung ass d'Iddi fir richteg Walkabinnen ze benotze ganz positiv empfonnt ginn. Dëst fir dee richteg „Walfeeling" ze erméiglechen.
  - Et ass ugemierkt ginn, dass den Altersënnerscheed tëscht de Kandidaten am Gremium eventuell ze grouss wier. Et ass wichteg dëst am Aen ze behalen a gegeebenenfalls unzepassen.
  - Et ass festgehale ginn, dass an engem spéidere Schrëtt ee richtege Jugendgemengerot sollt kommen.

## 6.2. Projetsinformatiounen (zousätzlech vum GAPLO)

### 1. Idee

Kinder haben nach Artikel 12 der UN-Kinderrechtskonvention das Recht, in allen sie betreffenden Angelegenheiten gehört und beteiligt zu werden. Der „Kannergemengerot“ (KGR) soll eine partizipative Struktur der Gemeinde Junglinster werden, die Kinder zwischen 9 und 14 Jahren in kommunale Entscheidungsprozesse einbindet. Er verbindet Mitbestimmung aus der non-formalen und der formalen Bildung (z. B. Mini-Lënster, SEA, Jugendhaus und Schule) mit realer politischer Partizipation in der Gemeinde.

### 2. Zielgruppe

Der „Kannergemengerot“ (KGR) soll aus insgesamt 13 Mitgliedern bestehen. Mitwirken können Kinder und Jugendliche im Alter zwischen 9 Jahren (Cycle 3.2) und 14 Jahren. Die Amtszeit beträgt zwei Jahre und orientiert sich am Rhythmus der Kinderspielstadt Mini-Lënster.

### 3. Repräsentation / Zusammensetzung

- 4 Kinder aus Mini-Lënster (bereits gewählt)
- 4 Kinder aus Junglinster (JGL)
- 2 Kinder aus Bourglinster (BGL)
- 2 Kinder aus Gonderingen (GDR)
- 1 Jugendliche/r aus dem Jugendhaus Junglinster (JGH)

### 4. Ablauf der Wahlen

Die Kinder sollen im Vorfeld umfassend über den KGR informiert werden. Im Anschluss wählen sie die Vertreterinnen und Vertreter ihrer jeweiligen Schulen. Der angestrebte Wahltermin ist Januar 2026.

### 5. Begleitung des KGR

Um eine kontinuierliche und nachhaltige Entwicklung des KGR zu gewährleisten, soll dieser von verschiedenen Instanzen begleitet werden.
Die bisherigen Instanzen sind:

- Gemeinde Junglinster
- Jugendkommission
- Personal aus dem SEA Päiperlék

Weitere Akteure intern der Gemeinde können bei Bedarf einbezogen werden, z. B. Jugendhaus, Schule, Kannerhaus usw. Externe Partner wären der ZpB (Zentrum für politische Bildung) und Plomm.

**6. Organisationsstruktur / Kommunikation / Sichtbarkeit**

- Versammlungen sollen in regelmäßigen Abständen stattfinden und begleitet werden.
- Als voraussichtliche Räumlichkeiten sind GAPLO bzw. die Crèche Päiperlék vorgesehen.
- Die externe Kommunikation kann, in Absprache und mit Einwilligung des KGR, über eigene Kanäle oder über die Kommunikationswege der Gemeinde erfolgen. Weitere Formen der Öffentlichkeitsarbeit können ausgearbeitet werden.

## 7) Suite Demande Schäfferot

- Esou wéi an der leschter Versammlung entscheet, ass de Bréif mat der Demande un de Schäfferot ugepasst ginn. De Sekretär huet déi final Versioun Méindes, de 17. November un de Schäfferot per Mail verschéckt.
- Et ass festgehale ginn, dass d'Presidentin an de Sekretär eng Entrevue zesumme mam Schäfferot a mam Service Communication Freides, de 12. Dezember wäerten hunn. Hei wäerten alleguerten eis Punkten aus dem Bréif zesumme beschwat ginn.
- De Buergermeeschter huet eis awer schonn am Viraus per Mail matgedeelt, dass den Terme: „Lënster wibbelt“ bestoe bleift.
- No dëser Versammlung kritt déi ganz Kommissioun ee schrëftleche Rapport fir dass jiddereen informéiert ass.

## 8) Schoulofschloss - Unerkennung

- An der alleréischter Versammlung, de 6. Februar 2024, ass dëst Thema ënnert anerem mam Schäffe Gilles Baum beschwat ginn. Deemools ass am Rapport ënnert dem Punkt „Schwéierpunkte vum Schäfferot“ festgeschriwwe ginn:
  - *All Jonke soll an der Gemeng wäertgeschätzt ginn. Esou soll jiddereen eng „Belounung“ kréie fir DAP, Gesellen a Meeschterbréif, Première, etc.*
- Och zu spéideren Zäitpunkten hu mir an der Kommissioun eis schonn éischt Gedanken zu dësem Thema gemaach, wéi een et kéint finanziell upassen oder eppes ganz Neies wéi eng Ofschlossparty aféieren.
- Am Koalitiounsaccord steet zu dësem Thema:
  - *Die Jugend sollte für erreichte Resultate belohnt werden. Deswegen werden wir zukünftig alle schulischen oder professionelle Abschlüsse, wie beispielsweise Abitur, DAP oder Meisterprüfung finanziell anerkennen.*
- Et ass festgehale ginn, dass déi aktuell „Prime d'encouragement“ soll ausgebaut ginn. Eng méiglech Erweiderung wier den Artikel iwwert den Ofschloss vun enger „Première – Paramédical“.
- De Sekretär mëscht do een Draft fir déi nächst Versammlung fir do kënnen zesummen iwwer alles ze schwätzen.

## 9) Oppen Diskussiounen

- Sportleréierung
  - Dës kënnt elo a ganz grousse Schrëtt op eis duer. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, direkt no der Entrevue mam Schäfferot hei déi ganz Preparativen séier virun zedreiwen. Dofir hu mir och eng Versammlung fir schonn direkt de 6. Januar bäigesat, a loossen eis déi vum 15. Januar als méiglech Optioun op.
  - Et ass eis wichteg, dass wann d'Sportskommissioun Co-Organisateur vun dësem Event ass, et och ee richteg gutt Event soll ginn.

- Jugendberäich
  - Et ass bemängelt mee och ënnerstrach ginn, dass et wichteg ass méi fir d'Jugend an eiser Gemeng ze maachen. Dës duerch verschidde geziilten Aktivitéiten oder Projeten. Dëst och am Verglach zu aner Gemengen.

## 10) Nächst Datumer

| **Datum** | **Auerzäit** | **Plaz** | **Beschreiwung** |
|---|---|---|---|
| 06.01.2026 | 19:30 | Gaston Stein | C.1. Kommisounsversammlung |
| 15.01.2026 | 19:30 | Allënster | C.2. Kommisounsversammlung |
| 21.01.2026 | | Gaston Stein | Sportleréierung |
| 04.02.2026 | 19:00 | Amber Stuff | Neijoerschiessen |

## 11) Ënnerschrëften

| | | |
|---|---|---|
| | | |
| | | |
| | | |
| | | |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär